

Verfassung, déi ech och hei laang a breet proposéiert a presentéiert hunn, hu mir beispillsweis och d'Méiglechkeet vun enger Initiative citoyenne virgesinn, mam Ënnerscheid, dass eis Prozedur méi Méiglechkeeten a méi Etappen u sech ëmfaasst.

Konkreet gesinn huet se also maximal dräi Etappen. An der éischter Etapp brauch et e Comité citoyen. Dëse Comité muss d'Signaturé vun op d'mannst 0,5 % vun de Biergerinnen a Bierger kréien, déi op de Walleschten ageschriwwen sinn. Ass dëst erreecht, seet och hei d'Chamber Jo oder Nee zu enger Ausschaffung vun enger Proposition de loi. Elo kënn awer de groussen Ënnerscheid zu der Versioun, déi mer haut stëmmen: Bei eis ass d'Prozedur nämlech dann net automatesch fäerdeg, wann d'Chamber et refuséiert. Seet d'Chamber nämlech Nee, dann huet de Comité, deen d'Proposition deposéiert huet, nämlech nach eng Kéier sechs Méint, fir d'Signature vun des Kéier 2,5 % vun de Wieler a Wielerinnen ze sammeln. Erreche se och dëse Seuil, dann ass et nees un der Chamber, fir Jo oder Nee ze soen. Seet d'Chamber nach eng Kéier Nee, da bleift d'Méiglechkeet vun engem Referendum.

Eis Proposition probéiert also ze vermeiden, dass eng Proposition, déi e gewëssen Zousproch an der Bevëlkerung kritt an déi immens vill Méi an Investissement vu Bierger a Biergerinne kascht huet, net einfach esou hei an der repräsentativer Demokratie ka clôturéiert an ignoréiert ginn.

Wéi scho gesot, mir droen dësen Text trotzdeem mat, och wann en eis net wäit genuch geet, well mir fir méi politesch Participatioun, fir méi gelieft Demokratie stinn. Och wann dat fir eis net genuch Stärkung vun Demokratie ass, droe mer en nawell mat. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, fir d'éischt dann dem Mars Di Bartolomeo e grouse Merci fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir liewe bekanntlech an enger Demokratie a wëlle Biergerbedeelegung; dat ass och nëmme richteg esou. Vill ze laang haten d'Biergerinnen an d'Bierger keng direkt Méiglechkeet, fir sech an d'Chamber anzebréngen. Dat huet sech geännert mat de Petitiounen, mat der Strukturéierung vun de Petitiounen, déi laang Joren en onstrukturéierten Outil waren. An dat ännert sech och heimbueder nach eng Kéier, an zwar op e strukturéierte Wee, eeben net e Wee, wou een ee muss kennen, deen ee kennt, fir eppes ze maachen, mee wou een eeben och kann als Citoyen lambda, ouni politesch vernetzt ze sinn, seng Uleisesse bis an d'Pleniëre bréngen.

Dozou gehéiert fir d'Piraten nämlech och, dass jidderree kann eng Proposition de loi deposéieren an eeben net nëmme déi, déi souwisou scho vernetzt sinn an eeben en Deputéierte vläicht och esou gutt kennen, dass en den Text direkt géif fir si iwwerhuelen. A mir Pirate sinn derfir, dass mer dat hei strukturéieren. Mir fannen et grondsätzlech eng gutt Iddi.

An ech muss dann och soen, ech verstinn iergendwéi net déi Kritik virdrun, dass d'Biergerbedeelegung déi lescht Joren ëmmer nëmme am Interêt vun der Regierung gewiescht wier. Wann ech mer d'Konklusioun vum Klima-Biergerrot ukucken, da sinn déi vill méi wäit gaangen, wéi dat fir d'Regierung an d'Majoritéitsparteie confortabel war.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Sven Clement (Piraten) An dat muss een einfach konstatéieren. Ob een da mat deene Meenungen averstanen ass oder net, dat ass nach eng aner Saach, mee et muss een awer éierlech mat sech selwer bleiwen a soen, dass et net esou ass, dass d'Biergerbedeelegung ëmmer nëmme am Interêt vun der Regierung stattfonnt huet.

Zu deem heite Projet: D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet an hirem Avis bemängelt, dass et ze vill Hürde géif ginn, soudass et de Leit duerch Seuilen, Delaien an eng aner Rei vu Modalitéiten – an d'Madamm Beissel huet virdru vun dem Refus vun hybride Sammelaktiounen zum Beispill geschwat – extreem schwéier gemaach gëtt an an der Praxis deen heien Outil warscheinlech net immens vill genotzt wäert ginn.

Ech wëll och hei ganz kloer soen: Ech bedauern, dass mer net en hybride Wee fonnt hunn. Ech bleiwen der Meenung, dass dat machbar gewiescht wier, ech hunn awer och konstatéiert, dass an der Kommissioun, wou ech kee Stëmmrecht hunn, keng Majoritéit ze fanne gewiescht wär, déi meng Proposition de loi oder meng Amendement an deem Sënn vun ausserhalb vun de stëmmberechtigten Memberen ugeholl hätt. Bon, si hu mat där Kritik also och net ganz Onrecht an zumindest bei mir oppen Dieren agerant, mee et ass eis och bewusst, dass et gewëssen Hürde brauch. Mir hätten der anerer virgesinn. Och do, ech ka mech awer mat deem ufrënnen, wat mer elo als éischte Schrëtt hunn.

D'Aarbecht vun der Chamber ass immens wichteg a mir gesinn eleng des Woch, wéi vill Texter mer an enger Woch kënnen heiansdo traitéieren. Dofir ass et och wichteg, dass mer net mat schonn 100 Ënnerschrëfte mat enger Proposition de loi befaasst ginn. Dat heescht, e gewëssene Seuil ass do ganz räsonabel. Nichtsdestotz sollt mer eis selwer d'Wuert ginn, dass mer eis an der nächster Legislaturperiod nach eng Kéier deen Outil hei ukucken, éierlech mat eis selwer evaluéieren, wéi gutt en ugeholl gouf a wéi vill Propositionen et bis an d'Chamber dann och gepackt hunn. Well wann do d'Resultat duerno Null oder Eent ass, da sollt ee sech vläicht d'Fro stellen, ob een net nach eng Kéier muss iwwer déi Seuilen hei nodenken.

Bis dohinner gi mer deem Outil eng Chance, mir hopen, dass e breet genotzt gëtt, dass ganz interessant Propositionen aus der Populatioun hei an d'Chamber gedroe ginn, an deementspriedend kënne mir eisen Accord ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

An da kritt d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement | Jo, Här President ...

M. Fernand Etgen, Président | De Minister, zoustänneg fir d'Relatioun mam Parlament, den Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement | Ech mengen, vu dass dat eng Proposition de loi ass, wëlle mir eis net ze vill als Regierung hei amëssen. Mir haten en Avis gemaach am Oktober 2022. Déi heite Regierung, déi wëll eebe Biergerbedeelegung liewen. Si huet dat a ville Biergerreit scho gewisen an ech mengen, et wär hei bal eng Frechheet vis-à-vis vun deene Leit, ze soen, déi géife sech guidéieren oder dieräengele loosse. Ech mengen, déi Leit, déi kommen dohinner an déi schwätze schonn eppes mat, déi sinn erwuessen an déi hunn dat an de leschte Joren och gemaach. An dat hei ass e weidert

Instrument, fir um legislative Wee aktiv ze ginn. An dofir fanne mir dat natierlech och eng gutt Saach, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer d'Proposition de loi 8037. Den Text steet am Document parlementaire 8037¹¹.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8037 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. Et ass nach e bëssen Duerchbruch heibanen.

M. Sven Clement (Piraten) | Mir hate geduecht, d'Regierung géif méi laang schwätzen, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Octavie Modert), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Serge Wilmes ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 8036 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

Dann hat ech virdru vergiess ze froe bei der Proposition de loi 8036: Freet d'Chamber och do d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou decidéiert.

6. 8181 – Proposition de loi portant modification :

1^o de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ;

2^o de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Proposition de loi 8181 iwwer d'Aféierung vun engem Recours géint d'Decisiounen vun der Chamber am Kader vun der Vérification des pouvoirs. Et sief drop higewisen, datt eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dëser Proposition de loi, den honorablen Här Charles Margue.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Charles Margue (déi gréng), coauteur-rapporteur | Hei sinn ech schonn erëm, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President. Mat dem Akraafriede vun der neier Verfassung an der Nuecht vun e Freideg op e Samschdeg wäerte mer als Deputéiert endlech net méi gläichzäiteg fir d'Validatioun vum Chamberresultat a fir den Traitement vun de Reklamatiounen géint dës Validatioun zoustänneg sinn.

Dat ass ee vu ville Punkten, wou et néideg war, eis Lëtzebuurger Verfassung relativ zäitno un déi modern Rechtsstaatsprinzipien unzepassen an dofir hu mer d'lescht Joer bei der Revisioun mat grousser Majoritéit an der Verfassung festgeschriwwen, dass an Zukunft all formale Recours géint d'Validatioun vun de Walresultater iwwer d'Verfassungsgericht soll lafen an datt d'Chamber domat net méi Gefor leeft, bei Reklamatiounen Juge et partie ze sinn.

Duerch den neie Verfassungsartikel 67 mam onofhängege Rekursrecht géint eng politesch Validatioun vu Walresultater virum Verfassungsgericht ass eis Validatiounsprozedur dann och elo konform mam Code de bonne conduite en matière électorale vum Conseil de l'Europe an der Jurisprudenz vum Europäesche Mänscherechtsgerichtshaff. Mat der neier Verfassung bleiwen déi Neigewielten nach ëmmer fir déi initial Validatioun vun den eegene Pouvoirs zoustänneg, mee all betraffe Persounen hunn elo en onofhängegt an en individuell Rekursrecht virum Verfassungsgericht géint d'Validatioun vun de Walen duerch d'Chamber.

De Sënn an Zweck vun dëser Proposition 8181 ass et deemno an éischter Linn, fir dëst neit Rekursrecht inklusiv passender Prozedur am Gesetz auszeformuléieren. Dobäi betrëfft de Recours laut Verfassung net just d'Chamberdecisioun zur Validation des pouvoirs direkt no de Walen, mee och all d'Chamberdecisiounen, déi eventuell en cours de mandat d'Opriede vun enger Inkompatibilitéit oder enger Ineligibilitéit feststellen, well et kënnen Informatiounen en cours de mandat emol optrieden, déi net gewosst sinn, wa mer d'Wale validéieren.

Déi virleidend Gesetzpropositioun hält ënner anerem fest: Esou e Recours muss bannent dräi Deeg no der Notifikatioun vun der Decisioun vun der Chamber par dépôt de requête beim Greffe vum Verfassungsgericht agereecht ginn. Dëst Rekursrecht kënnt nëmmen a Fro fir déi selwer betraffe Persoun. Et kann also net en Tiers, en Drëtte sinn, deen do Recours aleet. De Recours ass och suspensif an et ass eng ganz schnell Prozedur.

Fir ze vermeiden, dass esou e Recours iwwer länger Zäit déi valid respektiv komplett Kompositioun vun der Chamber géif verhënneren oder bei knappe Majoritéit souguer de politesche Betrib interferéiert, fixéiert déi virleidend Propos eng pezis Procédure accélérée: D'Partie muss spëtstens zéng Deeg nom Depot vun der Requête gehéiert ginn an d'Cour muss spëtstens de véierte Schaffdag duerno zu hirem Arrêt kommen. Dësen Arrêt gëtt an enger ëffentlecher

Sitzung ugehall a muss bannent 30 Deeg um Internetsite vun der Justice publizéiert ginn.

Un zweeter Stell ännert d'Proposition de loi awer och nach aner Punkten, déi keng direkt Konsequenz vun dem neie Verfassungsartikel 67 sinn. Déi éischt zousätzlech Ännerung féiert an deem Sënn par analogie zu de Chamberwalen och e Rekursrecht mat Bezuch op d'Europawalen an. Heibäi geet et awer net ëm d'Vérification des pouvoirs, well dat ass an deem Fall keng national, mee eng europäesch Kompetenz. D'Rekursrecht limitéiert sech an deem Fall just op d'Decision zur Feststellung vun enger Inkompatibilitéit oder enger Ineligibilitéit bei de gewielte Kandidatinnen a Kandidaten fir d'EU-Parlament oder bei zu Lëtzebuerg gewielte Membere vum EU-Parlament, Kandidaten par rapport zu eiser nationaler Legislatioun. D'Recoursprozedur ass heibäi identesch, wéi déi virdu beschriwwen.

Un drëtter Stell gëtt et dann och nach e puer kleng punktuell Ännerungen am Walgesetz, déi zwar mat der Verfassungsännerung ze dinn hunn, mee näicht mam Rekursrecht. Dobäi geet et keng Beispill ëm Upassungen, nodeems d'Verfassung eng Dissolution vun der Chamber méi zouléisst, also och keng parlamentaresch Sessiounen méi kennt.

Un der véierter a leschter Stell modifizéiert dës Propos nieft dem Walgesetz vun 2003 och nach d'Gesetz iwwer d'Organisatioun vun der Cour constitutionnelle vun 1997. Fir dëst zousätzlech Rekursrecht, wat net explizit an der Verfassung virgesinn ass, am Gesetz ze verankeren. A well d'Verfassung par konter virgesäit, datt d'Missiounen vun der Cour constitutionnelle just per Gesetz an dann och just mat enger Majoritéit qualifizéiert kënnen ageféiert ginn, bedeit dat, datt mir elo fir d'Adoptioun vun dëser Gesetzespropos, wéi de President et gesot huet, eng Zweedréttelmajoritéit brauchen, wou d'Procuratiounen net erlaabt sinn.

Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Charles Margue Merci a ginn d'Wuert un den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV), coauteur | Merci, Här President. Merci dem Charles Margue fir säi schrëfflechen a mündleche Rapport. De Rapporteur ass dorobber agaangen, dass e wichtege Punkt d'ailleurs ass – ech ka mech erënneren, datt dat och ëmmer e groussen Dadda vum Alex Bodry war –, datt d'Chamber net juge et partie ass.

Ech muss just op engem Punkt de Rapporteur kuerz verbessern. Hien huet gesot: „D'Chamber validéiert net méi d'Wal.“ Dat ass net ganz richtig. Mir validéieren d'Wal, mee et ass elo e Recours géint déi Validatioun méiglech bei der Cour constitutionnelle. Virdu war dee Recours jo net virgesi beim Verfassungsgericht.

An et ass och wichtege, wann esou e Recours kënnt, datt dat eeben an engem kuerzen Delai ofleeft. Duerfir hu mer och da speziell Delaien elo hei virgesi par rapport zu deenen normalen Delaien, déi virum Verfassungsgericht gëllen. De Recours ass och suspensif – och eng wichtege Informatioun.

Här President, erlaabt mer awer och, kuerz op eng Problematik anzegoen, déi mer an an der Institutionskommissioun an och an der Reglementskommissioun undiskutéiert hunn. Dat ass d'Problematik oder de Punkt vun den Inkompatibilitäten. Mir hunn déi an der Verfassung – an der aler Verfassung si se gereegelt, an an der neier Verfassung si se och gereegelt.

Elo stoung an der aler Verfassung nach e Saz derbäi, datt zousätzlech Inkompatibilitäten kéinten am Kader vun de Chamberwalen duerch e Gesetz ajoutéiert ginn. Dëse Bout de phrase stoung och ganz laang an der Proposition de loi, sou wéi se vum Paul-Henri Meyers deponéiert ginn ass. Dee Bout de phrase ass – et muss een einfach transparent soen – erausgehall ginn op Suggestioun no 2015 vum Staatsrot an och vun Iwwerleeunge vun der Regierung. Leider ass net dodru geduecht ginn, datt am Walgesetz och nach eng Inkompatibilitéit steet. Net eng Inkompatibilitéit duerch d'Funktoun, mee eng Inkompatibilitéit baséierend op dem Lien de parenté: Fra, Mann oder Geséichter zum Beispill kënnen net zesummen an der Chamber setzen opgrond vun deem Gesetz. Elo trëtt déi nei Verfassung e Samschdeg a Kraaft an déi Inkompatibilitéit aus deem Gesetz steet elo net an der neier Verfassung.

Et geet elo net hei drëm: Wien dat hätt misse gesinn? Mir hunn iwwert dee Punkt geschwat a ganz ... an der Oppenheet an der Kommissioun. A fir d'CSV – an ech denken, och fir d'Kolleeginnen a Kolleegen vun deenen anere Parteien heibannen – ass et ganz kloer: An engem klengen Land wéi Lëtzebuerg kann et net sinn, datt Institutionen gouvernéiert gi vu „Familieclanen“, entre guillemets.

Dofir ware mer eis eens – bon, et kann een et net juristesche verhënneren –, datt gekuckt gëtt, datt dat net de Fall wäert sinn. Solt et de Fall sinn, musse mer d'Verfassung op deem Punkt nobesseren. A gréissere Länner ass dat méiglech. Dat beschit, dat bekanntst Beispill ass an Däitschland mat de Vogel-Bridder, wou deen enge bei der CDU an deen anere bei der SPD war an déi zesummen am Bundestag souzen.

Mee mir als CSV sinn der Meinung: An engem klengen Land ass et net gutt, datt bei 60 Deputéiert op eemol e gewëssene Prozentsaz Familljerot hei sëtzt. Dat wier net am Sënn vun enger Demokratie. Familljeclanen hunn d'Müttelalter beherrscht, awer net méi am 21. Joerhonnert.

Merci, ech ginn den Accord vu menger Partei dozou.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Ech géif op alle Fall dës Kéier net vergiessen, dem Charles Margue Merci ze soe fir säi Rapport. Ech hat et virdu vergiess, ech entschëllege mech dofir. Meng Virriedner hunn am Fong alles gesot. De Rapport war ganz komplett. De Léon Gloden huet eng Partie Punkten opgeworf, mat deenen ech och ka liewen, meng Partei och ka liewen. Dofir géif ech einfach den Accord gi vun der DP zu deem Projet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Arendt. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), coauteur | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur. Merci och fir déi exzellent Diskussiounen, déi mer an der Institutionskommissioun haten. Dat hei ass reelle Fortschrëtt, well dat Rekursrecht ganz kloer gereegelt gëtt, och wéini dass et suspensif ass, wéini dass et net suspensiv ass. An de Léon Gloden huet op eng Problematik higewisen, déi duerch d'Sträichen oder d'Ewechfale vun engem Artikel entstanden ass. Ech mengen, et ass eng momentan Situatioun, déi net hei vun eis gewollt war. Ech wëll och soen, dass an der zoustänneger Kommissioun e ganz grouss Konsens do war, dass esou „Familieclanen“, wéi de Léon Gloden sech ausgedréckt huet, dass dat net eis Absicht wär. An ech

mengen, wann et ee Punkt gött an där neier Verfassung – eng Verfassung, déi gött net méi geschriwwen fir 175 Joer –, deen eis opfällt, wou ee muss nobesseren, da fällt engem keen Zack aus der Kroun, wa mer dat musse maachen.

En attendant gleewen ech alle Kolleegen, déi an der Institutionskommission sinn, dass esou Situatiounen vun hinnen net gewollt sinn, an do gouf et eng ganz grous Unanimité an eiser Institutionskommission.

Dat gesot, soen ech Merci an ech bréngen den Accord vun eiser LSAP-Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Charles Margue. Mir kënnen dat hei selbstverständlech och matdroen. Mir hunn e bëssen e Regret bei där Saach hei. Dat ass, datt mer d'Verfassungsgericht net nach méi kënnen stärken. Et wär eise Wonsch gewiescht als ADR an der Verfassungsdiskussion, fir dem Verfassungsgericht nach vill méi Rechter ze ginn an notament och de Bierger d'Recht ze ginn, fir direkt kënnen un d'Verfassungsgericht erunzrieden. An anere Länner ass dat de Fall. Mir hätten eis gewënscht, datt dat och hei kéint de Fall sinn, a mir wäerten och weiderhin d'fir anrieden, datt mer dat enges Daags hei am Land och kréien.

Dat gesot, wëll ech just soen, datt déi Observatiounen, déi elo gemaach goufen, och vum Här Gloden, och eis Zoustëmmung kënnen fannen. A mir ginn och selbstverständlech den Accord hei zu dëser Proposition. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci och vun eiser Säit un de Rapporteur nach eng Kéier. Jo, mir droen dat heiten natierlech och mat, an et ass scho grad gesot ginn: Mir wëlle keng Familjeclanen heibannen. Mee da géif ech awer och soen: Mir wëlle keng aner Clanen. Do kann een och u ganz aner Saachen denken. Mir wëllen eng gewësse Villfalt heibannen hunn, sou wéi et an der Gesellschaft ass. Dann denken ech erëm un den Droit de vote. Dann denken ech och drun, dass mer hei awer gewësse sozio-ekonomesch Schichten hunn, déi méi representéiert sinn, wéi se an der Gesellschaft representéiert sinn.

(Interruption)

Also, et muss een awer och an deem Kontext ... Et kann een aushuelen a soen: Déi Diversitéit, déi et an der Gesellschaft gött, gött et net onbedéngt an der Chamber.

Voilà, merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten), coauteur | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Charles Margue. Ech mengen, mir sinn eis deem Problem bewusst, deen elo e bëssen entstanen ass, deen e bësse malgré nous entstanen ass, datt ... Et ass u sech eng Disposition, wou et Unanimité an der Chamberskommission gouf, fir ze soen: Mir wëllen u sech keng Familljen ... oder zumindest keng direkt Familljemembere gläichzäiteg an der Chamber setzen hunn, well mer awer e relativ klengt Parlament sinn. Doriwwer ware mer eis alleguete politesch eens. Et ass eeben elo duerch formell

Reegelen, datt dat dann awer méiglech gött. Mir hunn eis dann och alleguete jo e bëssen an d'Ae gekuckt a gesot: Et ass net dat, wat mer wëllen!

Bon, elo kann ech awer der Madamm Oberweis zum Beispill soen, datt hire Papp dann awer elo an Zukunft erëm dierft an d'Chamber kommen, wann en nach eng Kéier wëllt matgoen, a si gläichzäiteg och hei dierft setzen. Idem bei ganz anere Leit, déi heibannen och familiär an der nämmelechter Partei oder och deelweis parteiwwergräifend engagéiert sinn. An dat géif vläicht och fir déi eng oder aner interessant Konstellatioun suergen. Et ass awer net dat – an dat wëll ech nach eng Kéier soen –, wat mir als Legislature, wat mir heibannen och an der Kommission eis u sech als Zil gesat hunn, a mir wäerten och, sou wéi ech d'Kommission verstanen hunn, nach eng Kéier op déi heiten Disposition um Verfassungsniveau mussen zrëckkommen. Dat wäert awer net méi dës Legislature a sécher net virun dëse Wale geschéien.

An d'fir, mat all deenen aneren Ännerungen, op déi mer am Detail agaange sinn, si mer averstanen, an ech ginn eisen Accord.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement | Jo, Här President, d'Regierung an d'Chamber hunn, mengen ech, am Ufank ganz gutt hei enk zesummegehaaft an och zesummen decidéiert, dass dat hei eng Proposition de loi sollt ginn.

D'fir wëll ech och elo net méi laang iwwert de Contenu schwätzen an Iech natierlech elo de Vott loossen, fir selwer doriwwer ze decidéieren, wéi et dann heimaad der virunzegoen huet.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Minister Marc Hansen.

Da kënnen mer elo zum Vott kommen iwwert d'Proposition 8181. Den Text steet am Document parlementaire 8181⁶.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8181 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëtter erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 52 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf et Marc Spautz ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann et M. Claude Lamberty ;

Mmes Simone Asselborn-Bintz, Tess Burton, Francine Closer, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 8056 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice ;

2^o de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Mir kommen elo zum Projet de loi 8056, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Dierwiechter an d'Af-fekoten. De Rapporteur ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Ech hunn elo d'Charge, fir e weidert Gesetz am Justizwiesen ze rapportéieren. Et geet em d'Dierwiechter an d'Af-fekoten, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Den 8056 gouf den 28. Juli 2022 vun der Justizministesch Sam Tanson deposéiert an de Projet huet just zwee Artikelen. Den 23. November war en an der Justizkommission an de Rapporteur gouf bestëmmt. An där Sitzung waren och Verrieder vum Barreau fir e Meenungsaustausch.

Den Avis vum Staatsrot krute mer de 14. März 2023 an d'Kommission huet sech de 24. Mee dermat befaasst, Amendements parlementaires ugeholl an déi op den Instanzewege geschéckt. De Staatsrot huet du ganz schnell de 6. Juni säin Avis complémentaire ginn. Mir hunn deen an der Justizkommission de 14. Juni analyséiert a konnte feststellen, dass de Staatsrot eis Gréng Luucht ginn huet an d'Oppositions formelles opgehewe goufen dank den Amendementer. Den 21. Juni hu mer dunn elo de Rapport ugeholl.

Mir kruten nieft den zwee Avisa vum Staatsrot aacht Avisa, notament vun den Dierwiechter a vum Barreau, déi de Projet begréisst hunn, an déi aner sechs ware vun de Justizautoritéiten: Friddensrichter vun Esch, Dikrech an der Stad, der Cour supérieure, dem Parquet général – alleguete positiv, déi zwee lescht mat Suggestiounen, wat d'Besetzung ugeet vum Gre-mium, fir d'Disziplinarinstanz bei den Affekoten ze besetzen.

Em wat geet et? Mir maache Modifikatiounen am Gesetz vum 4. Dezember 1990 iwwert d'Dierwiechter an am Gesetz vum 10. August 1991 iwwert den Affekot-beruff. Bei den Dierwiechter geet et notament dor-ëm, an der Organisation eppes virzegesinn, fir Dier-wiechter ze ersetzen, déi während enger laanger Zäit mussen ersat ginn. Konkreet: Wann en Dierwiechter méi laang wéi dräi Méint ausfällt, kann e vun engem aneren Dierwiechter oder engem Dierwiechtersup-pleant ersat ginn. Dat zu den Dierwiechter.

Zu den Affekoten: Do geet et em Disziplinarsank-tiounen, em d'Pouvoir vum Bâtonnier, de Fonc-tionnement vum CDA – CDA, Conseil disciplinaire et administratif – an zousätzlech hu mer dann och vun dësem Gesetzesprojet profitéiert, fir eng Lëscht VII anzeféiere bei den Affekoten, déi aus Nordirland, aus dem Vereenegte Kinnekräich Groussbritannien kom-men, fir dass déi zu Lëtzebuerg dierfen net Affekot sinn, mee „conseils juridiques, [...] uniquement dans la matière du droit international public (à l'exception